2021/22 COURS FACULTATIFS

Titulaire(s) du cours : Sarah Sonnetti

Horaires : vendredi de 14h25 à 16h10

Finalités et objectifs du cours

« Vum Motiv iwwert de Film zur Foto »

Dëse Cours wëll de Schüler an déi faszinéirend Welt vun der **analoger Schwaarz-Wäiss Fotografie** aféieren. An eiser schnelllieweger digitaler Welt erlieft déi klassesch analog Fotografie en neien Opschwong. Analog ze fotograféiere bedeit, sech Zäit huele fir d'Motiv, d'Liichtverhältnisser, d'Kompositioun beim Fotograféieren an och beim Entwéckelen vun dëse Fotoen an der Dunkelkammer.

Programmme

1. Theorie a Praxis
De Schüler léiert de Fotoapparat mat senge Funktioune kennen (Blend-, Zäitastellung, Schäerft, Déiwteschäerft, déi verschidden Objektiver, asw.)
Dono gi schwaarz-wäiss Filmer (no engem festgelueten Thema) fotograféiert a selwer an der Dunkelkammer vum LGE entwëckelt, fir d'éischt den Negativ an dann, vun dësem och d'Positiver, also d'Fotoen gezunn.

2. Deen artisteschen Deel
Niewend dem technesche Basiswëssen, geet et och ëm deen artisteschen Deel vun der Fotografie: Wéi maachen ech e gudde Cadrage, eng interessant Mise en scène? Wéi kann ech d'Qualitéit vu menger Foto an der Dunkelkammer optiméieren? Wéi präsentéieren ech meng fäerdeg Fotoen?

Public cible

Fir Schüler, déi op eng Konschtschoul wëlle goen ass et sécher e Plus, Kenntnisser an der analoger Fotografie ze hunn.